

Et ass nëmmen d'Qualitéit, et ass nëmmen den innovativen Element, wat mat sech bréngt, dass déi Betriber besser opgestallt sinn.

Sécherlech wäerte mer och dat, wat den Här Kox gesot huet, déi Secteuren, déi hien ugeschwat huet, ganz besonnesch probéieren ze dévloppéieren. Et ass net grad esou einfach, wéi hien dat duergestallt huet, mä d'Richtung ass awer absolut ze ënnerstëtzen. Ech ginn him do vollkomme Recht. En zitt och de Krees vun den Aarbechtsplazen heiansdo ganz grouss, och vun den Zuele vun de Betriber. Mir hunn der 188 erausfonnt hei zu Lëtzebuerg. An eisen Aen, no Definitiounen, déi mer aus auslänneschen Dokumenter hunn, hu mer ronn 188 där Betriber.

Dir gesitt der vill méi. Et kann een am Fong geholl dee ganzen Artisanat, wann een et esou wëllt, derbäihuelen, mä dat hänkt also just dovun of, wéi een de Krees zitt. Duerfir, mir hunn eis eng Rei Definitioune ginn. Duerfir solle mer net iwwer Chiffere streiden. Et ass eng Saach vun der Definitiou. Mä en huet ganz Recht, d'Richtung geet bei d'Gesondheetstechnologien, d'Richtung geet bei ëmweltschounend Technologien an a Richtung vun energiespuerend Technologien.

Mir wäerte probéieren dat iwwer en ähnleche Wee, wéi mer et bei de Gesondheets-technologie gemaach hunn, ze kréien a probéieren ee grousser propperen Acteur, vläicht zwee/dräi ze kréien, dass mer e bëssen en Zuchpäerd kréien an där ganzer Saach, dass mer och dobausse relativ schnell e bësse méi bekannt ginn. Well aus eegener Kraaft, esou wéi an de Gesondheetstechnologien, bréinge mer dat net esou schnell fäerdeg.

Duerfir, ech weess net, ob et eis geléngt, dee Schrëtt nach eng Kéier ze maachen, esou wéi mer en och an de Gesondheets-technologie gemaach hunn, mä sécherlech sinn dat do déi Secteuren, op déi ganz besonnesch mussen Akzenter geluecht ginn, och wa mer all déi aner net verno-léisseg. D'Sortie an d'Gesondheet vun eiser Wirtschaft wäert muer doranner be-stoen, dass mer méi verschiddenaarteg Aktivitéiten hunn, méi verschiddenaarteg Secteuren hunn, domat eng Risikomin-derung hunn, wann et engem Secteur emol méi schlecht geet.

Bon, mir sëtzen elo an enger Situatioun, wou quasi all Secteur ufänkt, Schwieereg-keeten ze hunn; och dee vun den Eko-technologien. Och dee gétt net verschount. Elo hunn ech gesinn: 1.900 Plaze ginn ofge-baut an esou engem Betrib an Dänemark. Also, et soll een och net maachen, wéi wann d'Ekotechnologien elo immun wäre géint d'Problemer, déi et an der Wirtschaft gétt. Duerfir muss een awer kucken, dass een déi Diversifikatioun weiderdreift.

Deen Term, deem ass och gebraucht ginn. Ech mengen, mir mussen nach eng Kéier méi verstärkt an déi Richtung schaffen. Duerfir, Här President, sinn ech frou, dass et och eng breet Zoustëmmung gétt, fir déi Iddi vu Fuerschung an Innovatioun um Niveau vun de Betriber esou ze ënner-stëtzen, wéi et hei am Gesetz virgesinn ass.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6005 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M.

Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

12. 6003 - Projet de loi instituant un régime temporaire d'aide au redressement économique

6004 - Projet de loi instituant un régime temporaire de garantie en vue du redressement économique (suite)

Motion 1

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen och elo of iwwert d'Motioun, déi déposéiert gi war vun der honorabeler Madame Flesch am Kader vum Projet de loi 6004. Déi Motioun gétt jo gedroen - wann ech dat richteg gesinn - vun alle Fraktiounen a Sen-sibilitéiten.

Motion 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant l'avis de la Chambre des Métiers du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle plaide pour la réinscription dans la loi budgétaire d'une participation étatique temporaire à la couverture des pertes subies sur les cautionnements accordés aux membres des mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce ainsi que la dotation en capital de couverture des cautionnements;

- considérant l'avis de la Chambre de Commerce du 20 mars 2009 par lequel cette chambre professionnelle se range à l'avis de la Chambre des Métiers sur ces points;

- considérant le rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports du 30 avril 2009 par lequel la Commission retient lesdites suggestions qui serait à considérer lors de l'établissement de la prochaine loi budgétaire;

- notant qu'une telle participation étatique pourrait constituer une réponse politique adaptée et adéquate aux considérations des PME luxembourgeoises opérant sur les marchés régionaux et locaux et dépendant souvent des capacités de développement de l'industrie, fortement touchée par la crise économique actuelle;

invite le Gouvernement

- à inscrire dans le projet de loi budgétaire 2010 deux nouveaux articles à caractère non limitatif, l'un introduisant un «fonds de garantie» bénéficiant d'une dotation substantielle temporaire permettant de réaliser les dotations en capital de couverture et l'autre le remboursement partiel des pertes subies par les mutualités de cautionnement de l'artisanat et du commerce.

(s.) Colette Flesch, John Castegnaro, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Henri Kox, Marcel Sauber.

Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass mat der Motioun, ass ge-bieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass Eestëmmegkeet.

D'Diskussioun vum Projet de loi 6007 iwwert d'Kreatioun vun der Grande voirie de communication et d'un fonds des routes hu mer als nächste Punkt op eisem Ordre du jour. Den honorabelen Här Clement ass hei de Rapporteur. Et sinn ageschriwwen: den Här Etgen, den Här Diederich an d'Madame Loschetter. Här Clement, wann Der eis wëllt

Äre Rapport respektiv de Rapport vun der Kommissioun virdroen.

13. 6007 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

Rapport de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), rap-porteur.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Gesetzesprojet 6007 gehéiert wéi all déi aner Projeten, déi mer dës Woch hei an der Chamber diskutéieren, zum sou-genannten Antikrise-Package, deem d'Re-gierung deponéiert huet, fir der aktueller Wirtschaftskris entgéintzewierken. De vir-leiende Gesetzesprojet huet als Zil, fir ver-schidden Investissementer am Stroossebau méi séier a méi flexibel realiséieren ze kënnen.

Dat Ganzt ass ze gesinn an der Intentioun vun der Regierung, fir en Deel vun de ge-plangte Chantieren op 2009 respektiv op 2010 virzezéien an esou besonnesch de mëttelstännge Baumentreprise hei zu Lët-zebuerg ënnert d'Äerm kënnen ze gräifen. Dobäi handelt et sech ëm grouss Stroosse-bauprojeten, zu deenen d'Chamber schonns hire prinzipiellen Accord ginn hat, a gläichzäiteg ëm ganz normal Projeten, déi dann och vun deene méi klengen oder mëttlere Betriber kënnen oder solle reali-séiert ginn.

D'Zil vun der Regierung ass et, fir mat dësem Gesetzesprojet d'Finanzéierung an d'Realisatioun vun de Stroossebauprojete méi flexibel ze gestalten. An dësem Sënn huet de Bauteminister de virleienden Text den 11. Mäerz 2009 an der Chamber dépo-séiert. De Statsrot huet säin Avis zum Projet den 31. Mäerz 2009 ofginn. An der Baute-kommissioun gouf ech dann zum Rap-porteur de 26. Mäerz genannt. An der Réunioun vum 15. Abrëll hunn d'Membere vun der Bautekommissioun de Gesetzes-projet an den Avis vum Statsrot analyséiert, an den 23. Abrëll war et du méiglech, dëse Rapport an der Bautekommissioun unze-huelen.

Här President, de Gesetzesprojet 2007 iwwert de Fonds des routes passt d'Gesetz an deem Sënn un, datt et an Zukunft méig-lech ass, fir d'Ausgaben, déi fir de Bau vun nationale Stroossen, fir d'Ënnerhaltung vun de Chemins repris gebraucht ginn, iwwert de Stroossefong kënnen ze be-zuelen, ouni datt dofir an Zukunft en extrae Budgetartikel, wéi mer dat bis elo kannt hunn, virgesi muss sinn.

De Gesetzesprojet erlaabt et awer och, fir an Zukunft de Bau an d'Astandsetzung vu Vëlospisten a Busspuren iwwert dëse Wee ze finanzéieren. Fir d'Budgetsjoer 2009 wäert fir déi normal Stroossebauprojeten entweder nach déi bis elo üblech Budgets-ausféierungsprozedur benotzt ginn - dat heescht also, datt si ënnert d'Budgets-gesetz 2009 falen - oder awer si wäerten iwwert de Stroossefong finanzéiert kënnen ginn. Dat Lescht géllt da fir déi Projeten, déi zäitlech virgezu gi sinn. Vun 2010 u wäert dës parallell Finanzéierung awer ver-schwannen, well dann alleguerten d'Stroos-sebauprojeten iwwert de Fonds des routes lafe wäerten.

An deem Kontext kreéiert dee virleiende Gesetzesprojet e Gestionscomité, esou wéi dat bei anere staatleche Fongen oft de Fall ass. Esou e Comité huet dann awer och d'Verantwortung fir eng gesond an eng rationell Notzung vun dem Fong senge finanzielle Moyenen. An deem Comité wäert dann nieft Leit aus dem Bauteministère och en Delegéierte vum Budgetsminister sëtzen, fir datt eng finanziell a wirtschaftlech Analys vun der Gestiou vum Fong och assuréiert ass. Dëse Comité wäert awer net iwwert d'Opportunitéit vu Stroossebau-projeten befannen.

De Gesetzesprojet ännert dann och nach den Artikel 16 vun der Loi modifiée vum 16. August 1967 an deem Sënn ëm, datt net nëmmen d'Realisatioun vu grousser Stroossebauprojeten iwwert de Fonds des routes bezuelt ka ginn, mä och nach aner méi grouss oder méi kleng Projeten. Ech hunn der ewell e puer genannt, mä se sinn alleguerten - an Dir kënn et och noliesen - am Projet de loi an am Rapport vun der Kommissioun opgezielt.

Des Weideren zeechent de Projet de loi op, iwwer wat fir eng Weeër de Fonds des

routes gespeist ka ginn. Et sinn dat déi normal Budgetsdotatiounen; et kann iwwer Emprunt geschéien; et kann iwwert d'Re-cettë vum Verkaf vun Immeubles geschéien; souwéi Remboursementer vun anere Länner, mat deene Lëtzebuerg gemeinsam Projeten huet, wéi zum Beispill Brécke bauen oder de Bau vun enger Autobunn.

Nach ee Wuert, Här President, zum Statsrot sengem Avis. Déi héich Kierperschaft kann d'Logik vun den Auteure vum Projet ganz gutt novollzéien, freet sech just, firwat een heibäi net méi wäit geet. Entweder sollten an den Ae vum Statsrot Moossnamen, déi elo an der Krisesiatioun geholl ginn, eng zäitlech Limite gesat kréien, oder awer, wann een de Gesamtkader als ze schwéierfällig an ze vill onflexibel ugesäit, wéi dat dann och am Projet beschriwwen ass, fir den Alldaagsgebrauch sollten d'Budgetsprozeduren allgemeng iwwer-duecht ginn.

Fir de Statsrot huet de Contenu vun dëser Législatioun näischt oder net direkt eppes mat der wiesselnder ekonomescher Lag ze dinn. E gesäit och zum Deel eng Kontrovers doranner, well op där enger Säit probéiert gétt, den Assainissement vum Finanz-secteur mat méi Kontrollen ze realiséieren oder ze bewerkstelleen, an op där anerer Säit an dem Domän vum Stroossebau manner Kontrolle sollen agefouert ginn.

Och huet de Statsrot dorobber bestan, datt de Bau vu Plates-formes intermodales an de Bau vu Gares routièeres an engem extraen Turet am Gesetz opgefouert sollte ginn. Deem si mer an der Bautekom-missiou dann och nokomm. Net suivéiert hu mer de Conseil d'État, dee proposéiert hat, den Intitulé ze änneren.

Wat elo d'Avisë vun deenen eenzelne Chamberen ugeet, esou si se alleguerte positiv ausgefall, esou datt dëse Projet de loi eng breet Zoustëmmung vun där Säit kritt huet.

Här President, erlaabt mer nach zum Schluss all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffe vun dësem Gesetzesprojet bedeelegt waren. Et konnt mat enger grousser Rapiditéit an der Kommissioun geschafft ginn. Ech soen lech alleguerten awer och nach Merci fir d'Nolauschteren, bréinge selbstverständlech den Accord vun der CSV, an ech denken, datt dee Projet de loi eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber kréie wäert.

Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Clement. Den honorabelen Här Etgen huet elo d'Wuert.

Discussion générale

» M. Fernand Etgen (DP).- Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem virleienden Text läit ee weidert Puzzlestéck vun der Regierung hirem sougenannten Antikrise-Paquet um Dësch. E Paquet vu Mesuren, deem eis et soll erlaben, d'Kon-sequenze vun där aktueller weltwäiter Wirt-schaftskris besser ofzefiederen.

Prinzipiell ass géint d'Objektiv vun dësem Text näischt anzewenden. D'Panoplie vun de Projeten, déi iwwert de Fonds des routes kënnen finanzéiert ginn, an déi den Accord de principe vun der Chamber hunn, gétt méi grouss gemaach. Dëst kann derzou bäidroen, datt déi öffentlech Investitioun méi séier kënnen getätégt ginn, wat da virun allem de Kleng- a Mëttelbetriber hir Commandébicher soll fëllen, fir datt se net ze vill staark ënnert dem wirtschaftlechen Ofschwong solle leiden. Mat dësem Projet de loi soll de Stat méi eng grouss Flexibilitéit kréien, wann et ëm zukünfteg Investitiounen am Stroossebau geet.

Här President, jiddwer Bierger huet e Recht op Mobilitéit. D'Mobilitéit ass hautdësdags awer zu engem grousser Käschtépunkt, an zwar souwuel fir deen Eenzelne wéi och fir déi öffentlech Hand ginn. De Ruff no ëmmer neien, fir d'Mobilitéit bestëmmten Infra-strukture bedéngt och grouss öffentlech Investitiounen. Investitiounen an d'Mobilitéit mussen duerfir besonnesch virum Hanner-grond vun enger nohalteger Entwécklung getätégt ginn.

Wann een iwwer öffentlech Investitiounen an d'Verbesserung vun der Mobilitéit schwätzt, wann een iwwer eng sougenannten antizy-klesch Politik schwätzt, da muss ee sech awer och d'Fro stellen, wéi dës Fongen an deenen nächste Jore sollen alimentéiert ginn. Wéi solle mir bei falende Recetten eis Investitiounen héich halen, eis Investitiouns-fonge speisen, wa wesentlech manner Suen an d'Statskeese gespullt ginn? Wéi wëlle mer deen héijen Investitiounsvolumen oprechterhalen, wat jo grad a wirtschaftlech schwierigen Zäite wichteg ass, ouni musse

Scholden ze maachen an domadder déi zukünfteg Generatiounen ze belaauchten?

Dës Kris wäert net muer eriwwer sinn; net emol dee gréissten Optimist gleeft nach un ee séiert Enn vun der Kris. An anere Wierder, mir wäerten nach e puer Joer mat der Kris an hire Konsequenzen ze kämpfen hunn. Dëst wäerte Jore sinn, wou déi öffentlech Hand, wa se dat da wëllt, hir Ausgabe wäert missen op engem héijen Niveau halen, an dat bei parallell schrumpfenden oder stagnéierende Recetten. Datt dës Rechnung op Dauer net kann opgoen, weess jiddwereen.

Wat si méiglech Zeenarien, déi an deem Kontext kënnen op eis duerkommen? Hir Zuel ass rosewéineg kleng. Et gëtt am Prinzip nëmmen dräi Méiglechkeeten: Entweder d'Fonge sinn iergendwann eidel an d'Investitioun vum Stat ginn erfogeschrauft; oder awer de Stat verschëllt sech, fir säin Investitiounsniveau kënnen oprechtzeerhalen; oder awer - an dat gouf jo schonn heibanne vu verschiddene Parteien ugedeit - d'Steiere ginn eropgesat.

Dëst sinn an eisen Aen allen dräi keng wirklech Léisungen. A gudde Joren ass et nämlech verpasst ginn, de Finanzement vun den Investitiounsfongen op eng stabil finanziell Basis ze stellen. Au contraire, mat Recetten, deenen hir Volatilitéit jiddweringem, dee mat der Matière vertraut ass, bekannt sinn, goufen dës Fonge gespeist. Mam Resultat, datt mer elo a schwierigen Zäiten net wirklech wëssen, wéi mer an där Fro an Zukunft nohalteg sollen a kënne weiderfueren.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, awer nach Merci soe fir säin detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Diederich huet d'Wuert.

» **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Här President, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, ganz kuerz. Mir begrëssen natierlech déi Mesuren, déi an dësem Projet de loi am Kader vun der Relance économique geholl ginn an op déi de Rapporteur am Detail agaangen ass. Ech wollt em Merci soen och fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Wichtig ass an dësem Kontext eng méi direkt a flexibel Realisatioun vun noutwendegen Aarbechten op Nationalstroossen an de Chemins repris, besonnesch an deem Fall, wou d'Stroossen an engem schlechten Zoustand waren an wou et oft ze laang gedauert huet, bis mat der Réfectioun konnt ugefaange ginn.

Wat d'Vëlospisten ubelaangt - erlaabt mer do eng Remarque ze maachen -, do limitéiert sech de Gesetzesprojet op Pisten aus dem Réseau national, wéi se am Gesetz vun 1999 virgesi sinn. Sécher mussen an deem Kader nach eenzel Tronçone fäerdeg gestallt ginn, mä et ass awer och schonn e puermol drop higewise ginn, datt et opportun wier, eng Rei perpendiculaire Verbindungsstécker zum nationale Réseau ze schafen, fir eng Optimiéierung vum Netz ze erreechen. Ech wier frou, wa mat dësem Plang eng Rei Verbesserungen och kéinte geschéien.

An deem Sënn wëll ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Diederich. Madame Loschetter, wann ech gelift.

(Interruptions)

» **Une voix.** - Merci, Här Diederich!

(Interruption)

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Mä ech mengen, Dir schwätzt no mir, oder? Gitt mer eng Chance!

(Interruption)

Ah, okay, et ass gutt.

» **M. le Président.** - Neen, Dir waart net agedroen. Et ass kee Problem. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Jo. Merci, Här President. Ech wëll mech och ganz kuerzfaassen an am Numm vun der grénger Fraktioun lech an zwee

Sätz erklären, firwat mir dat Gesetz net kënne stëmmen, firwat mir géint dat Gesetz musse stëmmen.

(Brouhaha)

Ech denken, datt et zimlech relevant ass, datt mer eigentlech hei net nëmmen en Antikrisegesetz stëmmen; déi Iddi, déi schwieft, denken ech, scho méi laang, wéi d'Kris ons iwwerfall huet, fir dat hei ze adaptéieren. An de Rapporteur huet et och selwer gesot.

Mir hätten ons nach averstane kënnen erkläre mat esou enger Moossnam, wat de Redressement vun de Stroossen ubelaangt, a mir gleewen och net esou richtig, datt dee Wee, deen hei agaange ginn ass, datt do net och notamment d'Opportunitéit vu Konstruktioun vum Stroossen iwwert dee Biais décidéiert gëtt. De Fait, datt de Fonds des routes geschafe gëtt, ass jo awer och e Wee, deen erlaabt, Décisiounen, notament budgetärer, ze huelen, déi net méi mussen hei au cas le cas vun den Députéierten an der Chamber gestëmmt ginn; an dat ass fir ons e Punkt, deen net admissibel ass.

Mir sinn och der Meenung, datt eigentlech hätt missen eng grondlegend Reform gemaach ginn, an notament steet dat jo och a verschiddene Wahlprogrammer. Dofir versti mer nach manner, firwat dëse Projet de loi elo esou gestëmmt gëtt.

Eigentlech misst ee jo dee Wee, dee mer elo hunn, nämlech dee vun den Travaux publics, an d'Ponts et Chaussées, déi am Fong geholl eng Landesplanung maachen, andeem se decidéieren, wou Stroosse gebaut ginn, an net nëmme wou, mä och nach wéi se gebaut ginn, an an Zukunft decidéiere se och nach, mat wéi enge Moyenen, mat wéi enge Sue se gebaut ginn.

Mir hätten ons virgestallt, wéi verschidden aner Parteien och, datt een eigentlech misst dat Ganzt restrukturéieren, mat allem Respekt fir den Travaux-publics-Minister. Mä eigentlech, wat mir brauchen, dat ass e Landesplanungsministère mat engem Mobilitéitsministère zesummen, a genau déi Saachen, déi hei elo iwwert dat Gesetz frësch definéiert ginn, hätte missen hir Plaz an deem nei ze schafende Ministère fannen. E steet a verschiddene Wahlprogrammer. E steet scho laang an dem Wahlprogramm vun deene Gréngen.

Mir ginn also d'Hoffnung net op, datt mer dat hei, déi Gaffe hei, déi gemaach gëtt, nach iergendwann eng Kéier redresséiert kréien. An domadder muss ech dann och soen, datt mer géint dat Gesetz wäerte stëmmen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Den Här Mehlen huet d'Wuert elo.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Och vu mir aus oder vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci. En huet eis gesot, ëm wat et geet.

Mir kënne vum Grondsaz hier dee Projet de loi hei matdroen. Et ass haaptsächlech e Projet, dee finanztechnesch Adaptatiounen mat sech bréngt, huet relativ wéineg Afloss op d'eigentlech Ausféierung vun deem, wat dobause soll gebaut ginn. Et ass eng finanztechnesch Adaptatioun, déi een och an der Logik kann novollzéien.

Ob de Finanzement vun deene Projeten, wat méi kleng Projekte sinn, elo iwwert de Fonds des routes leeft oder ob se als eenzel Projeten an der Annex zum Budget opgefouert sinn, ännert am Prinzip net ganz vill un der Saach. Well mer sinn eis bewosst, datt, wa mer de Budget hei diskutéieren, all Kéiers meeschtens nëmmen iwwert déi grouss Linne vun der Finanzpolitik am Stat diskutéiert gëtt, awer am Géigesaz zu deem, wat anscheinend fréier an dësem Haus hei üblech war, net méi iwwer all eenzelne Streckenabschnëtt vu Stroossebau beim Budget diskutéiert gëtt.

Dat géif dann awer mat sech bréngen, Här President, datt mer eis vläicht an eise Kommissiounsaarbechten e bëssen aner Aarbechtsweise géifen zouleeën. Et wär och vun eiser Säit aus de Wonsch, datt zum Beispill d'Bautekommissioun vun der Chamber, besonnesch an Zäiten, wou d'Geld knapp ass a wou mer wirklech all Euro mussen ëmdréinen, dat wäert an Zukunft esou sinn, méi géif mat erugezu ginn, wat och Projekte vu méi klengen Enverguren ubelaangt. Datt d'Chamber wirklech do mat agebonne gëtt, datt mer net hei der Regierung e Blankoscheck ausstellen, datt se, ech soen elo emol egal wat dobause ka maachen.

Et wär och, an ech beruffe mech do op eppes, wat mir bei dëse Wahle fir d'Zukunft

ganz staark propagéieren, noutwendeg, datt eis Cour des Comptes géif ëmgebaut ginn, datt se vill méi och bei der Exekutioun vun de Projete géif drop kucken, datt, wa mer scho Projete realiséieren, déi och den Accord vun der Chamber hei hunn, datt och do d'Ham net an der Mëllech gekacht gëtt. A wann een an d'Vergaangenheet zrëckkuckt, och nach Projeten, déi de Moment realiséiert ginn, muss ee soen, datt mer heiandsdo vill ze vill deier baue fir den Zweck, deen am Fong geholl viséiert ass.

Här Minister, ech hunn elo ganz rezent nach bei der Sortie vu Waasserbëlleg Richtung lechternach gesinn, mat wat fir engem Opwand datt mer do bauen, fir eng Strooss e bësse méi breet ze maachen an eng Vëlospist derbäi ze arrangéieren. A wann ee bis op Bur dorobber fiert, da gesäit een, datt an Zäiten, wou mer vill Geld haten, op där Streck enorm deier gebaut ginn ass. Et hätt ee wirklech mat vill, vill manner Opwand deeselwechten Zweck kënnen erreechen.

Mir mengen, datt de Punkt erreecht ass, datt mer eis dat an Zukunft net méi kënnen erlaben. Datt mer solle gutt bauen, datt mer solle Qualitéit bauen, datt mer sollen dauerhaft bauen, datt mer net herno mussen dauernd hannendru flécke goen, mä datt mer net sollen d'Ham an der Mëllech kachen, wéi dat ganz dacks an der Vergaangenheet de Fall war.

Am Autobunnsbau ass et leider an der Vergaangenheet och datselwecht ginn. Dofir dränge mir drop, datt an der nächster Legislaturperiod an där Bezéiung d'Cour des Comptes reforméiert gëtt, datt se och do kann de Fanger op d'Wonn leeën an de Politiker soen, wa se an engem oder an deem anere Fall iwwerdrifwen hunn.

Dat gesot, mir wäerten trotzdeem dësem Projet, deen en Deel duerstellt vun enger Strategie fir méi flexibel ze sinn, fir méi séier kënnen ze reagéieren, fir eise Betriber ouni groussen Opwand kënnen Aarbecht a schwéieren Zäiten ze verschafen, d'Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Den Här Minister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Och dem Rapporteur Merci fir déi gutt an déi schnell Aarbecht, déi hei gelescht ginn ass. Et ass a sech vum Inhalt alles erkläert ginn. Ech ginn och net weider dorobber an. E puer Saache wëll ech soen op Basis vun deene Remarquen, déi elo am Laf vun der Diskussioun gemaach gi sinn.

Déi éischt Fro, déi ech wëll beäntweren: Firwat dat Gesetz hei? Dat ass kloer, et gëtt am Fong zwee Grënn. Deen éischte Grond ass, datt mer am Paquet socio-économique ganz einfach eng Rei Projeten 2009 méi op de Wee bréngen, wéi der initialement virgesi waren, an datt mer mussen e Finanzwee fannen. Dat ass am Fong deen allereinfachste Grond.

Mir hunn also eng Méiglechkeet misse fannen, wéi mer déi Projeten, déi elo supplementar 2009 schonn ugefaang ginn an deelweis realiséiert gi sinn, wéi mer déi kënnen einfach bezuelen. An ee vun de Weeër, fir et ze maachen, dat war sech déi Finanzen iwwert de Fonds des routes huelen ze goen, wou mer d'Méiglechkeeten hunn, fir dat ze maachen. Dat ass deen einfachsten, direkte Grond gewiescht.

An da kënnt en aneren, en zweete Grond hannendrun, dee fir mech awer gradesou wichtig ass: Wa mer dat scho maachen a mir kreéieren eis d'Méiglechkeet, wat mer bis elo net haten, Route-nationalen an CRen iwwert de Fonds des routes ze bezuelen, da muss een och eng grondsätzlech Reflexioun maachen, fir am Fong ze froen, ob dee Wee net richtig ass, fir dat ze maachen.

A fir eis ass et a sech ganz kloer gewiescht, datt de Fait, fir déi Stroossen, Route-nationalen an CRen iwwert de Fonds des routes ze bezuelen, ganz einfach e groussen Avantage gëtt, net an deem Sënn, datt mer manner transparent sinn an der Chamber, net méi géife weisen - do kommen ech nach drop zrëck -, mä ganz einfach well et eis erlaabt, aus der Annualisatioun vum Budget erauszekommen.

Mir wëssen alleguer, datt eng Strooss sech normalerweis net an engem Joer baut. Mir wëssen alleguer, datt och mer musse kucken, iwwert d'Joren eraus déi Sue virzegoen, fir esou e Projet ze realiséieren.

De Fonds des routes huet den Avantage, datt en eis vun der Annualisatioun detachéiert an datt a sech net d'Administratioun

muss um Enn vum Joer all Kéiers ganz genau kucken, wat dann dat Joer ausgi gëtt, wou se net onbedéngt genau weess, wéi schnell jiddwer eenzelne Chantier da virugeet. Dat ass a sech de Grond, firwat déi hei Projeten an de Fonds des routes ageschriwwen ginn. Dat ass de Grond, an et ass keen anere Grond.

Ech mengen, d'Madame Loschetter huet virdrun eng Rei Saache genannt. Ech verstinn, datt een déi nennt am Kader vun dësem Kontext. Mä ech wëll awer trotzdeem dësen Text hisetzen, wou ech mengen, datt e gehéiert. Ee Grond fir 2009 kënnen dat ze bezuelen, wat mer méi maachen. Et ass eng politesch Ausso: Mir maache méi. Zweete Grond: Firwat hale mer et méi laang wéi 2009? Mä well mer mengen, datt et eng Flexibilitéitsfro ass, ganz einfach, fir op de Projete besser weiderzekommen.

Op dem Här Diederech seng Ausso, firwat mer d'Vëlospisten net dragesat hunn, déi Zwëschestécker, déi eis nach feelen: Ech wëll soen, mir hunn emol d'Vëlospisten dragesat, well mer wichtig fannen, wa mer d'Stroossen iwwert dee Wee maachen, datt mer d'Vëlospisten d'selwecht traitéieren, datt mer do also och virukommen.

Firwat hu mer déi Zwëschestécker net dragesat? Mä well mer momentan, well den Text iwwert d'Pistes cyclables nach net erneiert ginn ass, guer net d'Erlaabnis hunn, déi ze bauen. Ech setzen also net eppes an de Fonds des routes momentan dran, wat ech momentan nach net dierf bauen.

Wa mer deen Text eng Kéier ëmännere géifen, an d'Chamber wär dee Moment d'accord, fir deen Typ vu Vëlospiste mat dranzesetzen, géif e selbstverständlech och kënnen iwwert de Fonds des routes gemaach ginn. Mä haut eben net, dofir steet et net dran.

Zweet Ausso, déi ech wëll maachen, dat ass, datt mer am Fong genau deeselwechten Exercice schonn 2007 eng Kéier gemaach hunn, ouni datt am Fong vill driwwer diskutéiert ginn ass. An zwar hu mer 2007 e Fong geschaf, dee Fonds d'entretien et de rénovation heescht. E Fong, deen am Héichbau geschaf ginn ass mat darselwechter Zilsetzung. Ganz einfach als Zilsetzung, datt mer aus der Annualisatioun vum Budget erauskommen, fir eis iwwer Chantieren, iwwer Bauten, déi méi wéi ee Joer daueren, eng gewësse Flexibilität ze ginn, awer och d'Méiglechkeet, deene Chantieren hiren eegene Bau-rhythmus ze ginn, ouni en un de Joresrhythmus vum Budget, wou en net drapasst, missen unzepassen.

2007 hu mer dat am Budget gemaach. Do war keng Diskussioun. Do huet och jiddwereen datt akzeptéiert. An ech muss och soen, datt déi Erfahrung, déi mer elo an deenen zwee Joer gemaach hunn, eng positiv Erfahrung ass an datt ech am Fong frou sinn, datt dat esou gutt klappt.

Da krute mer eng Rei Saache virgeworf elo vun der Madame Loschetter, mä och scho vum Mouvement écologique respektiv der Natur- a Vulleschutzliga, déi, mengen ech, allen Deputéierten e Bréif zoukomme gelooss huet. Ech wëll dozou just och e puer Remarquë maachen.

Et gëtt eis virgeworf, datt d'Chamber hei elo manner Kompetenzen hätt respektiv eppes ewechgeholl géif kréien, datt d'Regierung eppes méi géif kréien. Ech gesinn datt zwar wirklech net. Hei geet et ëm Projeten, haaptsächlech, wou d'Chamber nach ni eenzel an individuell driwwer diskutéiert huet. D'Chamber huet bis elo e Gesamtmontant kritt iwwert d'CRen, d'Chemins repris, an d'Route-nationalen, wou eng Lëscht hannendru stoung, wou eng laang Opzielung vun deene Projete war, déi geduecht war unzagoen. Déi Lëscht hat awer keng Valeur légale, war just à titre exemplatif hannendrun.

Elo gëtt dat eriwwergeholl an de Fong. A genau déiselwecht Lëscht steet elo net méi am Budget éischten Deel, mä am Budget zweeten Deel, do wou mer iwwert d'Fonds pluriannuels schwätzen.

Also ass et genau déiselwecht Transparenz, genau déiselwecht Indikatiounen, déi hei ugi ginn. Do changéiert a sech strictement näischt, ausser datt et op enger anerer Plaz steet.

Wann een iwwert de Kompetenzberäich vun der Chamber schwätzt, dann ass dat Gesetz, wat mer muer diskutéieren, vläicht eng aner Valeur. Do wou mer diskutéieren, ob mer vun zéng Milliounen op 40 Milliounen kënnen eropgoen ouni Autorisation individuelle vun der Chamber. Do kann ee sech déi Fro stellen. Do hu mer och laang an der Commission de l'Exécution budgétaire driwwer geschwat, ob mer et géife maachen a wéi eng Begleitmoossname mer géifen huelen, fir esou e Schrëtt ze goen. Ech menge ganz éierlech, datt déi Fro sech hei net an deem Mooss stellt.

An da gëtt och gesot, datt d'Ponts et Chaussées elo méi ze soen hätten, wat de Stroossebau ugeet. Do soen ech awer ganz kloer: „Dat ass awer net richtig.“ Deen, deen hei decidéiert, wat fir eng Stroosse weini wou gebaut ginn, dat ass, wann et ëm grouss Stroosse geet, selbstverständlech d'Chamber, wa se d'Finanzéierung erlaabt, an dat ass, wann et ëm kleng Projekte geet, den Travaux-publics-Minister respektiv de Regierungsrot, deen déi Kompetenzen huet. Datt Ponts et Chaussées se duerno baut an datt Ponts et Chaussées kann eng Rei Propositionen maachen, dat ass normal a richtig. D'Décisioun gi vun deenen zoustännegen politeschen Instanze virdrun an an Zukunft och nach geholl.

Par contre dat, wat ech gär gehat hätt, dat ass, datt mer dee Fonds des routes, deen net elo nei geschaf gëtt, mä dee scho jorelaang existéiert, dee kritt elo just eng zousätzlech Kompetenz derbäi, datt mer dee Fonds des routes, datt mer do e Comité derbäisetzen. Elo kréie mer vum Mouvement écologique gesot, datt dee Comité jo elo géif bestëmmen, wat an der Bautepolitik geschitt. Dat ass awer net d'Zilsetzung.

Ech hätt gär dee Comité gehat zesumme mam Budgetsminister, well dee Comité mer hëlleft duerch de Fait, datt mer zwee Leit vu Ponts et Chaussées, zwee vum Ministère an och Leit, ee vun der Inspection générale des finances, drasetzen hunn, well e mer ganz einfach hëlleft, e regelméissegue Contrôle ze maachen iwwert déi Bewegungen, déi am Fonds des routes finanzieller Natur geschéien. An dat ass fir mech wichteg.

Ech hu säit fënnef Joer probéiert, nu wierklech Rigueur an d'Gestioun vun deene Projeten, déi mer maachen, eranzekréien. An hei ass fir mech eenzeg an eleng en zousätzlecht Mëttel, fir am Kader vum Fonds des routes, dee méi Kompetenze kritt, déi Rigueur och kënnen weiderzeféieren. Dat ass d'Zilsetzung dervun an et ass och esou, wéi et an d'Realitéit ëmgesat gëtt. Fir dat, wat den Här Mehlen engem virwerft, fir heiansdo Ham an der Mëllech ze kachen, an Zukunft ze évitéieren.

Ech si mat där Remarque d'accord, datt sécherlech d'Zäiten nach ni do waren an an Zukunft sécher net och do sinn, fir dat ze maachen. Mä ech menge just, dat hei ass e Mëttel, wat eis kann déi Gestioun an déi Rigueur financière vun deem Fonds des routes besser hëllef an nach an Zukunft an de Grëff ze kréien. An dat ass d'Zilsetzung vun deem Fong.

D'Zilsetzung ass also en résumé ganz einfach, kuerzfristeg 2009 eis de Finanzement vun zousätzleche Projeten ze erlaben, laangfristeg a mëttelfristeg méi flexibel ze sinn an trotzdem eng besser Kontroll ze hunn. Et deet mir elo leed, datt déi gréng Fraktioun dat net matstëmmt, well ech mengen, dat hei hätt se ganz roueg kënnen matstëmmen.

Merci all deenen, déi dee Projekt hei positiv gesinn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6007 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Raymond Weydert), Fabienne Gaul, MM.

Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marc Spautz), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun de Projeten, déi mer haut um Ordre du jour hunn, dat ass de 6008 iwwert den Impakt vun Infrastrukturen op d'Natur. Rapporteur ass hei d'Madame Andrich. Ageschriwwen sinn: den Här Etgen, den Här Schreiner an den Här Gira.

14. 6008 - Projet de loi portant

1. transposition en droit luxembourgeois en matière d'infrastructures de transport de la directive 97/11/CE du Conseil du 3 mars 1997 modifiant la directive 85/337/CEE concernant l'évaluation des incidences de certains projets publics et privés sur l'environnement

2. modification de la loi du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement

3. modification de la loi du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission des Travaux publics

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojekt gehéiert wéi déi aner Projeten, déi mer elo just behandelt hunn, zum Konjunkturplang, deen d'Regierung ugeholl huet, fir e gënschtegt administratiivt Ëmfeld fir déi wirtschaftlech Aktivitéit ze schafen. D'Aktivitéit vun den Entrepris soll geförder ginn duerch d'Ersetze vum Gesetz, dat d'Prozeduren an d'Instrumenter zur Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vu verschiddenen öffentliche an private Projekte regelt, an dat am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung.

Nun zu de Préliminairé vum Projet. De Projet de loi N°6008 ass vum Premierminister Jean-Claude Juncker den 11. Mäerz 2009 hei an der Chamber déposéiert ginn. Folgend Beruffskummeren hunn en Avis eraginn: d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d'Handwierker- an d'Handelskummer, d'Salariatskummer an d'Landwirtschaftskummer. An der Bautekommissioun vum 26. Mäerz 2009 gouf ech als Rapportrice bestëmmt.

An der Sitzung vum 15. Abrëll goufen zwee Amendementer ugeholl, déi direkt un de Statsrot pour avis weidergeleet gi sinn. Den Avis vum Statsrot koum dann den 28. Abrëll eran. D'Bautekommissioun huet den Text vum Projet an den Avis vum Statsrot zesumme mat der Ëmweltkommissioun an der

Sitzung vum 30. Abrëll analyséiert. De schrëftleche Rapport gouf schliesslech de 6. Mee ugeholl. Och hat de Mouvement écologique eng Stellungnahm zum Projet de loi erageschéckt, op déi während de parlamentareschen Aarbechten agaange ginn ass.

Ëm wat geet et an deem virleiende Gesetzestext?

Et handelt sech ëm d'Direktiv 97/11 vum Conseil vum 3. Mäerz 1997, déi hirersäits Ännerungen aféiert un der Direktiv 85/337, déi d'Evaluatioun vum Impakt vu verschiddenen öffentliche Projeten a private Projeten am Beräich vun den Transportinfrastrukturen op d'Ëmwelt betrëfft. Déi Direktiv gouf a Lëtzebuerger Recht ëmgesat duerch d'Gesetz vum 13. Mäerz 2007, wou ech d'Éier hat, och Rapportrice ze sinn.

Et ass néideg dëst Gesetz duerch dee virleiende Gesetzesprojekt ze ersetzen, fir en Double emploi mat deene Gesetzer ze évitéieren, déi de Moment d'Evaluatioun vum Impakt op d'Ëmwelt vun Transportinfrastrukture wéi Stroossen a Schinnebau regelen. Gradesou sollen d'Evaluatioun vereinfacht an d'Prozedur gestrafft ginn. Lëtzebuerger hat jo optéiert fir eng fractionnéiert Ëmsetzung vun der Direktiv 97/11, esou dass déi Dispositiounen a verschiddene Gesetzer a Reglementer verspreet sinn. Fir déi Detailler verweisen ech op mäi Rapport zum deemolegen initiale Gesetzestext.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Double emploi soll also évitéiert ginn. Am Fong geet d'Gesetz vum Mäerz 2007 méi wäit wéi dat d'Direktiv verlaangt huet, well virgesinn ass, zwou Impaktnotizen an eng Impaktetüd, déi déi verschidde Variante vun engem Projet vergläicht, ze erstellen. Zum deemolegen Zäitpunkt war eng aner europäesch Direktiv nach net an d'Lëtzebuerger Recht ëmgesat, an zwar d'Direktiv 2001/42 vum Europaparlament a vum Conseil vum 27. Juni 2001, déi d'Evaluatioun vun den Inzidenzen vu verschiddene Pläng a Programmer op d'Ëmwelt betrëfft. Duerfir huet d'Gesetz vum 2007 och d'Aspekter vun enger méi genereller Planung vun den Transportinfrastrukturen ofgedeckt.

Entre-temps ass awer déi genannten Direktiv ëmgesat ginn duerch d'Gesetz vum 22. Mee 2008, dat d'Evaluatioun vun den Inzidenzen op d'Ëmwelt vu verschiddene Pläng a Programmer betrëfft. Duerfir sollen elo d'Prozedur vereinfacht ginn, an en Double emploi am Kader vum 2007er an 2008er Gesetz verhënnert ginn. Et gëtt elo kloer getrennt zwëschent der genereller Planung, déi ënner eng automatesch Evaluatioun fällt duerch d'Gesetz vum 2008, an där detailléierter Planung, déi vun dem virleiende Gesetzesprojekt geregelt soll ginn, déi jo d'Gesetz vum 2007 ersetzt. Et gëtt dann och spezifizéiert, dass e Projet, dee schonnen eng Evaluatioun vun den Inzidenzen op d'Ëmwelt mat Consultatioun vun der Öffentlechkeet hannert sech huet, keng Genehmigung méi brauch iwwert d'Naturschutzgesetz vum 2004.

An engems gëtt d'Gesetz vum 2008 am Artikel zwee, Paragraph fënnf nach ergänzt. De Règlement grand-ducal, deen do soll déi Pläng a Programmer bestëmmen, déi vun deem Gesetz evaluéiert ginn, gëtt erweidert duerch d'Bestëmmen vun de Modalitéiten vun där Evaluatioun, well déi Pläng a Programmer esou verschiddener Natur sinn, dass och d'Modalitéiten, no deenen evaluéiert gëtt, musse kënnen ugepasst ginn.

Zweetens gëtt am virleiende Gesetzesprojekt dann och d'Prozedur, déi zu enger Evaluatioun féiert, vereinfacht. Am Gesetz vum 2007 gëtt preziséiert, dass laut Direktiv 97/11 bei verschiddene Projeten Impaktstudien obligatoresch sinn. Bei anere Projekte müssen d'Memberlänner eng Kontrollprozedur applizéieren, fir erauszeschuelen, ob eng Impaktstudie muss gemaach ginn oder net. Bis elo ass dës Evaluatioun hei zu Lëtzebuerger vu Fall zu Fall erfollegt.

Et huet sech awer erausgestallt, dass deen interministeriellen Aarbechtsgrupp, dee vun der Regierung duerch e groussherzogleche Règlement vum 24. August 2007 geschaf gouf, fir en Avis ofzeginn, wéi eng Projeten elo missten evaluéiert ginn, net den Erwaardungen entsprach huet. Dës éischter subjektiv Diskussioun ware laangwiereg, well d'Membere vum Comité öfters verschiddener Meinung waren, an d'Genehmigungsdélaien hu sech an d'Längt gezunn.

Duerfir ass et néideg, déi Evaluatioun Fall pro Fall ze ersetzen duerch d'Aféiere vu prezise Referenzkritären, opgrond vun deenen dann dës Décisiounen elo geholl ginn. Laut Artikel dräi ginn déi Kritären dann elo an engem groussherzogleche Re-

glement festgehalen. D'Direktiv 97/11 léisst d'Memberlänner nämlech fräi doranner, ob Plaffongen oder Kritäre festgesat ginn, oder ob dat ka Fall pro Fall analyséiert ginn. D'Behauptung vum Mouvement écologique, d'Regierung hätt d'Direktiv 97/11 net respektéiert duerch d'Fixéiere vu Kritären, stëmmt also net.

Drëttens sollen dann nach verschidde Prozedursmodalitéite gestrafft ginn. Fir d'Genehmigungsprozedur vum Artikel sechs ze verkierzen, sollen déi kompetent Autoritéiten, also verschidde Ministère, elo hiren Avis zu den Informatiounen, déi de Bauhär iwwert, innerhalb vun dräi Méint ofginn. Wann dat net de Fall ass, kann den Dossier einfach weidergereecht ginn.

Aus enger Suerg vun Harmoniséierung eraus gëtt dann och elo proposéiert, dësen Délai am Naturschutzgesetz vum 2004 anzeféieren, duerch en neien Artikel 57bis. Elo muss de Minister seng Décisiounen huelen dräi Méint nodeems den Dossier komplett ass. Wann d'Demande net komplett ass, soll deen, deen d'Genehmigung ufreet, an engem verstännegen Délai, also engem Délai raisonnable, dorüwwer informéiert ginn.

Duerch den Artikel aacht vum virleiende Gesetzestext gëtt dann nach eng nei Approche agefouert, fir iwwert déi kompensatoresch Moosnamen ze befannen, esou dass de Regierungsrot elo net méi zweemol domadder befaasst gëtt, wéi dat elo am Gesetz vum 2007 de Fall ass. All dës Ännerunge maachen eng komplett Neifaassung vum Gesetz vum 2007 néideg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo nach zu de verschiddenen Avisen, ier ech op dem Statsrot säin Avis an déi parlamentaresch Aarbechten aginn.

D'Handwierkerkummer bedauert fir d'éischt an hirem Avis, dass d'Regierung net prioritär nach aner Moosnamen aus hirem Konjunkturplang ëmgesat huet, fir e gënschtegt administratiivt Ëmfeld ze schafen. Da begréisst se, gradesou wéi d'Handelskummer, dass d'Regierung méi eng integrativ Approche gewielt huet am Beräich vun de Genehmigungsprozeduren, an déi Approche Fall pro Fall ersat huet duerch eng Serie vu Kritären. Et gëtt awer bedauert, dass déi Prozeduren am virleiende Beräich net an engem eenzege Gesetzestext regroupéiert goufen.

D'Salariatskummer hirersäits freet sech, ob et wëschenswäert wier, fir déi komparativ an detailléiert Impaktstudien ze strächen, ob een dat weinst der Krisis net hätt emol iwwerganksméisseg kënnen maachen. Si bedauert och, dass déi prezis Referenzkritären, déi sollen am Règlement grand-ducal fixéiert ginn, hir net virleichen, esou dass se et schwierig hat ze beuerteelen, ob de Projet Verbesserunge géif erbäiféieren oder net.

D'Landwirtschaftskummer fënnt dann, dass de virleiende Gesetzesprojekt hir Problemer am Beräich vun de Genehmigunge vu landwirtschaftleche Konstruktiounen an enger Gréngzon net géif léisen.

De Statsrot sengersäits begréisst d'Efforté vun der Regierung, fir eng administrativ Vereinfachung erbäizeféieren, och wann en déi Dispositiounen iwwert d'Evaluatioun am Ëmweltberäich am léifsten an engem eenzegegen Text gesinn hätt. Vun der legislativer Technik hier proposéiert de Statsrot awer, d'Gesetz vum 13. Mäerz 2007 ze modifizéieren an net ganz frësch ze schreiwen. D'Bautekommissioun konnt déi Propos awer net suivéieren, well den Text soss komplett onliesbar géif ginn duerch d'Ëmschreiwen an d'Sträiche vun deene villen Artikelen. Esou ass d'Virlag vun der Regierung bäibehale ginn.

Zum Titel vum Gesetz huet de Statsrot zu der initialer Textpropos vun der Regierung bemierkt, dass déi Passagen, wou déi sougenannte Fonds-des-routes- a Fonds-du-rail-Gesetzer solle modifizéiert ginn, net bräichte widderholl ze ginn, well si duerch d'Gesetz vum 2007 ëmgeännert bleiwen, och wann dat Gesetz elo ausser Kraaft gesat gëtt. D'Kommissioun huet dann déi Referenzen am Titel gestrach, an dofir sinn déi diesbezüglich Passagen och am Artikel 16 gestrach ginn.

Am Artikel dräi, wou de Règlement grand-ducal mat de Kritäre soll agefouert ginn, huet de Statsrot eng Textännerung virgeschloen, fir den Artikel méi prezis ze formuléieren, an zwar amplaz, ech zitéieren: «déterminera les projets devant faire l'objet d'une évaluation» ze schreiwen: «fixe les critères sur base desquels les projets d'infrastructure de transports font l'objet d'une évaluation». D'Bautekommissioun huet dës Textännerung ugeholl.

Zu deem Artikel koum et an der Kommissioun vun den öffentliche Bauten an der